
# Theater 1987 : Paltong, Box an Hiem

vum Josy Christen




## 20.01.1988 : Generalprouf

Pünktlech fir d'Generalprouf war de Rido (esou wäit) fäerdeg. Nomëttes gouf nach dru geschafft, nei Schinnen agesat a frësch opgehaang. E puer Comitésmembren haten sech afond, fir bei der Generalprouf derbäi ze sinn. Fehler a kleng Mësselen goufe festgestallt an no der Prouf duerchdiskutéiert.

De Wies Arsène hat eng Schossel Fuesend matbruecht, déi allen gutt geschmaacht huet. Wéi ëmmer geet een mat méi oder manner gudde Gefiller an déi éischt Opféierung eran.

---

## 23., 24. an 30. Januar 1988 : Theaterowender

Déi zwee Samschdeger waren ausverkaaft, om Sonndeg ware nach e puer Plaze fräi.

Dräimol goung dem Josy Christen säi Stéck « Paltong, Box an Hiem » iwwert d'Bühn, et gouf vill gelaacht a vill geklappt. Geklappt gouf och esou guer, wéi de Jean-Paul den éischte Samschdeg hänke blouf a vum Laachen a Klappen am Sall d'Dittchen an der Flüsterkëscht net héieren huet.

D'Leit waren es zefridden, d'Akteure waren opgedréit. Den zweeten an den drëtten Owend gouf am Keller virun der Opféierung gesongen, dat et nëmmen esou geschaalt huet. Et konnt een sech nëmme wonneren, dass d'Akteuren herno op der Bühn net heess waren.

Och beim Comptoir an an der Tombola ass d'Saach gerutscht, sou dass mer finanziell gutt ofgeschloss hunn : Boni vu ronn 48 000.- Frang.

Dee leschte Samschdeg hunn dann eis Akteuren nom Theater gefeiert : beim Bouler huet de Veräin hinnen eng Hameschmier offréiert. 't goung bis an de fréie Muergen eran (wéi eenzelner ze verziele woussten).